N°2466
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Zënter Jore klëmmt den Aarmut zu Lëtzebuerg, dat weisen national an europäesch Statistiken. Dëst mécht et néideg, dass de Staat méi muss agräifen, fir de betraffene Leit a Familljen ënnert d'Äerm ze gräifen. Eng Ulafstell, wou Leit sech solle mellen, ass den Office Social an hirer Gemeng oder Regioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi hunn sech d'Käschte fir de Staat fir d'Finanzéierung vun den Offices Sociaux iwwert 2015, 2020 an 2025 entwéckelt?

2. Wéi hunn sech d'Käschte fir d'Gemenge fir d'Finanzéierung vun den Offices Sociaux iwwert 2015, 2020 an 2025 entwéckelt?

3. Wéi vill ass de Personalbestand bei den Offices Sociaux vun 2015, iwwert 2020 bis d'Joer 2025 erop gaangen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°2466
Entrée le 20.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn an dem Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°2466 vum honorablen Deputéierte Marc Goergen betreffend d'Evolutioun vun de Käschten vun den Offices sociaux**

**1. Wéi hunn sech d'Käschte fir de Staat fir d'Finanzéierung vun den Offices Sociaux iwwert 2015, 2020 an 2025 entwéckelt?**

**2. Wéi hunn sech d'Käschte fir d'Gemenge fir d'Finanzéierung vun den Offices Sociaux iwwert 2015, 2020 an 2025 entwéckelt?**

**3. Wéi vill ass de Personalbestand bei den Offices Sociaux vun 2015, iwwert 2020 bis d'Joer 2025 erop gaangen?**

Den Artikel 23 vum geännerte Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert Sozialhëllef seet am éischten Abschnitt datt de Staat an d'Gemengen jeeweils d'Halschent vum Defizit iwwerhuelen, deen bei den Offices sociaux duerch déi ausbezuelten Hëllefen, d'Fonctionnementskäschten, d'Personalkäschten an d'Indemnitéiten fir de President an d'Membere vum Verwaltungsrot am Laf vum Joer entsteet.

D'Gesamtkäschte fir 2015 an 2020 baséieren op de jeeweilegen Décompten. Fir 2025 ass de Montant aus dem Budget als Referenz geholl ginn, dee sech nach ännere kann, wann 2026 de Schlussdécompte gemaach gëtt:

| **Kommunal Käschten Offices sociaux 2015-2025*** | | |
|---|---|---|
| **Joer** | **Gesamtkäschten (€)** | **Evolutioun (%)** |
| **2015** | 9.661.034,75 | |
| **2020** | 14.210.147,55 | **+47,09** |
| **2025** | 27.632.933,28 | **+94,46** |
| | ***Evolution 2015 - 2025*** | **+186,02** |

**Entspriechend den Donnéeën, déi d'Gemengen zur Verfügung gestallt hunn*

Am selwechten Artikel ass och de Personalschlëssel festgeluecht. Et sief drun erënnert datt dëse Personsalschlëssel mam Effekt op den 1. Januar 2023 ugepasst gouf. Sou ass de Personalschlëssel 2023 vu 1 Sozialbetreiungsposten (personnel d'encadrement social) an 0,5 Administratiounsposten (personnel administratif) pro 6.000 Awunner op 1,5 Sozialbetreiungsposten an 0,75 Administratiounsposten pro 6.000 Awunner erhéicht ginn (dat entsprécht enger Erhéijung vu 50%).

D'Käschten, déi gemäss de Konventiounen an am Aklang mam Artikel 23 vum Gesetz tëschent dem Staat an de Gemengen opgedeelt ginn, esouwéi de Personalbestand vun den Offices sociaux, sinn an de leschte Joren däitlech geklommen. Vun 2020 bis haut ass de Budget ëm 69.48% gewuess, an den Personalbestand ëm 61.02%. Déi global Entwécklung iwwert déi lescht 10 Joren kann esou duergestallt ginn:

| Käschten + Personalschlëssel Offices sociaux 2015-2025 | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Joer** | **Käschten** | | **Personalbestand (ETP)** | | | | |
| | **Gesamtkäschten** | **Evolutioun (%)** | **Sozialbetreiungs-posten** | **Administratiouns-posten** | **Total** | **Evolutioun (%)** |
| **2015** | 17.517.410,53€ | | 76.90 ETP | 37.85 ETP | 114.75 ETP | |
| **2020** | 23.819.043,31€ | +35.97% | 91.98 ETP | 48.08 ETP | 140.06 ETP | 22.06% |
| **2025** | 40.369.485,50€ | +69.48% | 151.50 ETP | 74.03 ETP | 225.53 ETP | 61.02% |
| | ***Evolutioun 2015-2025*** | ***+130.45%*** | | | ***Evolutioun 2015-2025*** | ***+96.54%*** |

D'Gesamtkäschte fir 2015 an 2020 baséieren op de jeeweilegen Décompten. Fir 2025 ass de Montant aus der Konventioun als Referenz geholl ginn, dee sech nach ännere kann, wann 2026 de Schlussdécompte gemaach gëtt

Lëtzebuerg, den 19. August 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn